



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Saint-Paul Luxembourg SA
2, rue Christophe Plantin
L-2988 Luxembourg

Editpress SA
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette

hëlt hir Aufgab vu Cybersécherheet eescht an dat, dat muss ech och als zoustännege Minister fir d'Post soen, ass eppes, wat mech rassuréiert.

An dësem Eenzelfall sinn also eenzel SMSen net direkt bei de Leit ukomm. Dat Allerwichtigst ass awer hei, dass bei all deene Leit, déi positiv getest gi sinn, déi SMS iwwer en anere Wee direkt un d'Leit verschéckt ginn ass. Et ass also net virkomm, dass d'Informationen iwwer e positiven Test net direkt bei deene Concernéierten ukomm sinn. Jiddwereen, deen also positiv getest ginn ass, ass och direkt informéiert ginn an déi SMSe sinn net erausgefiltert ginn, si sinn also net iwwert dee geblacklistete Soustraitant verschéckt ginn.

De Problem ass elo erkannt. An et ass och ewell dru geschafft gi fir sécherzestellen, dass SMSe vum betroffene Labo just nach iwwer vertrauenswierdeg Operateure verschéckt ginn, also och déi negativ Tester.

Et ass och esou, an dat wësst Der, well d'Santé huet dat och op hirer Facebooksät gesot, dass bei all Test, dee positiv war, net nëmmen dës SMS verschéckt ginn ass, mee d'Servicer vun der Santé och de Leit esou séier wéi méiglech direkt iwwer e Kontakt Bescheed gesot hunn. Dir wësst, dass dat de Standardwee zu Lëtzebuerg ass, dass souwuel iwwer SMS wéi och duerno direkt iwwert d'Santé informéiert gëtt.

Nieft der SMS ass et och esou, dass jiddwereen, deen en Test gemaach huet, d'Méiglechkeet huet, säi Resultat direkt beim Labo iwwer Telefon nozefroen oder awer och iwwert d'Internetsät vum Labo nozechecken.

Wat wichtig fir mech ass, dat ass, dass de Problem méttlerweil erkannt ginn ass an alles drugesat ginn ass, fir de Problem ze behiewen, och duerch eng exzellent Zesummenaarbecht tëscht dem betroffene Labo an der Post, déi hei dem Labo schnell gehollef huet, eng Solutioun ze fannen.

Dat Allerwichtigst ass awer, dass duerch dëse Problem net déi ganz Lutte géint d'Pandemie a Fro gestallt gëtt. Well nach eng Kéier, jiddwer Persoun, déi positiv getest ginn ass, krut och op direktem Wee d'Resultat an huet net onnéideg aner Persounen ugestach.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Fayot.

11. 7698 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 juin 2020 portant introduction d'un congé pour soutien familial dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19

Mir kommen dann elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, de Projet de loi 7698 iwwert de Congé pour soutien familial am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

■ **M. Max Hahn (DP), rapporteur**.- Merci, Här President. D'Zuele vun der Covid-19-Infizéierte sinn an

de leschte puer Woche massiv geklommen. Vill Stierffäll sinn effektiv bei den eelere Leit deklaréiert ginn. D'Situatioun an den Alters- a Fleegeheemer ass sécher keng einfach, mee och an den Dagesstrukture fir eeler Leit a Persounen mat Handicap bestinn eng Rei Problemer, dorënner natierlech an éischter Linn ze kleng Raim, fir déi selwecht Zuel vu Leit opzehuele wéi virun der Pandemie. Aus deem Grond schwätze mir haut iwwert dëse Projet.

De Gesetzesprojet 7698 ass eng Ännerung vum Gesetz vum 20. Juni 2020 iwwert de Congé pour soutien familial am Kader vun der Covid-19-Kris.

Vill Dagesstrukturen, déi sech ëm eeler Leit oder Persounen mat engem Handicap këmmere, hunn am Fréijoer aus bekannte Grënn hir Diere missen temporär zoumaachen. D'Familljen, an deene jidderee schafft, hu sech du selwer ëm hir Familljemembere misse këmmere, an dat huet si viru grouss Erausforderunge gestallt. Fir d'Leit an dëser Situatioun ze ënnerstëtzen, huet de Familljeministère de Congé pour soutien familial als Noutfallmesur agefouert gehat. Mir stëmmen haut dësen Text, fir dass dëse Congé och nom 24. November nach ka bis de 25. Mee 2021 verlängert ginn.

Duerch déi vill Neiinfektiounen an de leschten Deeg a Wochen an déi domat entstanen nei Restriktiounen kënnen verschidde Strukturen fir eeler Leit oder Persounen mat Handicap nëmmen eng begrenzten Zuel vu Leit ophuele, sief dat duerch coronabedéngten Ausfäll beim Personal oder duerch ze kleng Raimlechkeeten, fir d'Geste-barrièren anzehalen.

Dobäi kënnt natierlech déi besonnesch Vulnerabilitéit vu verschiddene Persounen, déi et och oft onméiglech mécht, dass déi Leit sech un d'Geste-barrièren halen. Ech denken do u Leit, déi duerch eng bestëmmte Krankheet oder en Handicap de Mask eeben doduerch net kënnen unhalen.

E puer Demanden, fir de Congé pour soutien familial verlängert ze kréien, koumen och scho beim Ministère eran. Dofir ass et eiser Meenung no immens wichtig, dat besteeënd Gesetz ze änneren an dëse Congé ze verlängere. Dëst ass, wéi gesot, geplangt fir weider sechs Méint an natierlech och just fir déi Leit, wou et wierklech keng aner Léisung gëtt. De Kader vum Gesetz bleift deen nämmlechten.

De Congé pour soutien familial kann ugefrot ginn, wann eng autoriséiert Struktur temporär an am Kader vun der Covid-19-Pandemie hir Aktivitéiten deelweis oder komplett astelle muss. De Congé ka souwuel vu Residente wéi och vu Frontalieren ugefrot ginn. Eng autoriséiert Struktur muss sech deemno net onbedéngt zu Lëtzebuerg befannen, mee kann och am EU-Ausland leien.

D'Demande fir de Congé pour soutien familial muss un de Familljeministère geschéckt ginn an ass natierlech u gewësse Konditiounen gebonnen. Och dës Konditiounen sinn déi nämmlecht wéi am ale Gesetz. Dofir ginn ech och op dëser Plaz net nach eng Kéier dorop an.

Wann d'Demande akzeptéiert gëtt, da stellt de Familljeministère e Certificat an duebeler Ausféierung aus, deen un den Employeur an un d'Krankekeess geschéckt muss ginn. De Congé hält dann op, wann déi autoriséiert Struktur de Minister informéiert, dass si hir Aktivitéit erëm deelweis oder komplett ophuele kann an doduerch och erëm eng Plaz fir déi eeler oder behënnert Persounen fräi ass.

(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)

D'Zäit am Congé pour soutien familial ass gläichgesat mat enger Incapacité de travail, déi am Fall vun enger Krankheet oder engem Accident ugefrot ka ginn. Dowéinst profitéieren d'Salariéen hei och vun deene selwechte Rechter, wat d'Sécurité sociale an den Aarbechtsschutz betrëfft.

Fir dass et zu kenger finanzieller Benodeelegung kënnt, wäert dëse Congé och weider remuneréiert ginn. D'Sécurité sociale iwwerhëlt zu 100 % d'Bäihëllefen, op déi d'Salariéen en Urecht hunn. D'Mutualitéit vun den Employeuren rembourséiert de Patronen dann och de komplette Salaire mat de Charges patronales, déi si un hir Salariéen am Congé pour soutien familial ausbezuelt hunn, an iwwerhëlt och d'Indemnité pécuniaire fir d'Independanten.

Do dernieft genéisst de Salaréi nämlech och Kënnegungsschutz, soulaang den Employeur virschrëftsméisseg vun der Absence informéiert gouf. Betoune wëll ech dann och nach eng Kéier, dass hei ausschliisslech erwuesse Persounen viséiert sinn, déi e groussen Deel vun hirer Autonomie verluer hunn an dowéinst an hirem Alldag op d'Hëllef vun engem Drëtten ugewise sinn. A soulaang de Virus net mat Sécherheet verschwonne ass oder ëmmerhin eng Impfung um Maart ass, mussen mir och weiderhin de Familljen ënnert d'Äerm gräifen, fir dass se sech ëm hir Léifste këmmere kënnen.

Am Numm vun der DP-Fraktioun ginn ech lech dofir natierlech och den Accord vun eiser Fraktioun an ech géif lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard, *Présidente de séance***.- Merci, Här Rapporteur. An als éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV)**.- Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll dem Rapporteur villmools Merci soe fir seng Explikatiounen. Ech mengen, dass et fir eis als CSV wichtig ass, dass mer eng Verlängerung maachen, well dat Gesetz de 25. November géif auslafen. Wéi mer d'Gesetz gestëmmt hunn, hate mer gehofft, et wier net noutwendeg - wéi mir alleguerten héchstwahrscheinlech -, mee dass mer de Coronavirus bis Enn des Joers am Grëff hätten. An ech hoffen och elo, dass mer et fäerdegbréngen, de Virus virum Oflaf vum Gesetz an de Grëff ze kréien, mat alle Moyenen, déi eis zur Verfügung stinn, fir dass mer net nach eng Kéier mussen op eng Verlängerung vun deem Congé zrëckgräifen.

Et wier awer flott, wann d'Madamm Minister an hirem Discours herno nach eng Kéier d'Zuel vun deene Leit géif erwänen, déi dodrop zrëckgegraff hunn, well mir haten zoufälleg - nodeem mer gëschter de Rapport hei zwar ugeholl hunn - de Moien eng Diskussioun mam Sozialminister, wou och nach eng Kéier iwwer all déi Méiglechkeete geschwat ginn ass. Och dat, wat den Här Hahn elo just gesot huet, wat bei der Mutuelle geschitt a wat och beim Congé geschitt, dass een dat och eng Kéier géif hei an der Chamber soen.

Dat gesot, villmools merci nach eng Kéier dem Rapporteur an d'CSV wäert deem Gesetz d'Zoustëmmung ginn. Merci.

■ **Mme Djuna Bernard, *Présidente de séance***.- Als nächsten agedroene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz agedroen. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)**.- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleegen a Kolleginnen, merci dem Max Hahn fir säin ausféierlechen a prezise Rapport hei um Mikro an awer och säi schrëffleche Rapport. Deem ass och net ganz vill bäizefügen. En huet ganz vill gesot a ganz vill explizéiert. Mir als LSAP kënnen deem nëmmen zoustëmmen.

Mir soen all deene Leit Merci, déi doduerch eng Hëllef kréien. De Pendant vun dem Congé pour raisons familiales ass jo de Congé pour soutien familial. Ech mengen, et ass ganz wichtig, dass dat elo och déi sechs Méint weidergefouert gëtt. Ech schléisse mech och dem Här Spautz u fir ze soen, dass mer hoffen, dass mer dann duerno vläicht dee Congé net méi esou brauchen an deem Mooss an dass mer d'Covidkris da vläicht e bëssen iwwerstanen hunn. Loosse mer Holz upaken!

An ech soen op jidde Fall Merci an ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard, *Présidente de séance***.- Déi nächst agedroe Riednerin ass déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng)**.- Merci. Merci dem Här Hahn fir säin detailléierte Rapport a fir d'Explikatiounen. Natierlech begrësse mer d'Verlängerung vum Congé pour soutien familial, well et gëtt näischt méi Wichteges, wéi an onerwaarten Zäiten doheem eng Stäip ze hunn. Duerfir ass et och nëmme wichtig a richtig, dass dës familiär Hëllef och an Netcoronazäite méiglech soll sinn.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Heimat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Gary. Da wär et um honorabelen Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR)**.- Merci, Här President. Merci och dem Max Hahn fir de Rapport. Mir hunn d'Gesetz matgestëmmt, dat éischt virun e puer Méint. An ech mengen, d'Situatioun ass elo esou, dass et nach eng Kéier muss verlängert ginn; leider, wéi dat gesot ginn ass. Mir mussen deene Familien d'Ënnerstëtzung ubidden, déi dat brauchen. Och wann et der net vill sinn, ass et awer fir déi wichtig. An dofir stëmme mer natierlech och dëst Gesetz elo hei mat Jo.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Keup. Da wier et um honorabelen Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk)**.- Jo, merci, Här President. Ech ka mech do och just menge Virriedner uschlëssen. Och wann et keng Masse sinn, déi dorobber zrëckgräife mussen, ass et awer wichtig fir déi betrafte Leit.

Ech schléisse mech och ausdrécklech deem un, wat d'Madamm Gary gesot huet, nämlech datt mer esou en Instrument och brauchen no Coronazäiten, well ee sech jo och Fäll virstelle kann, wann en Accident an engem Altersheim geschitt oder soss iergendwellech Saachen, wou mer dat doten Instrument kënnen benotzen oder dorobber kënnen zrëckgräifen. Ech mengen, datt dat wichtig ass, och ausserhalb vu Coronazäiten. An ech mengen, datt de Ministère esou Reflexiounen duerchaus féiere sollt.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Baum. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten)**.- Merci, Här President. Merci dem Max Hahn fir säi gudde Rapport. Hei hëllefe mer konkret de Leit, déi an deene Fäll sinn, an dofir wäerte mir als Piraten och eisen Accord ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert: d'Madamm Familljeministerin Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration***.- Villmools merci all de Riedner elo a villmools merci dem Rapporteur fir säi schrëfftlechen a säi mëndlechen Rapport.

Vläicht dann nach: Ech sinn nach eng Äntwert schëlleg. Et ware 57 Persounen, déi vum Congé pour soutien familial profitéiert hunn. Am Moment sinn nach 13 Dossieren aktiv. Dir gesitt, et sinn der net immens vill. Mee fir déi, déi et brauchen, ass dat Gesetz hei wierklech ganz, ganz wichtig.

Esou wéi den honorabelen Deputéierte Marc Baum grad gesot huet, wëlle mer dat och duerno a Krisesituatiounen perenniséieren oder wann emol eppes geschitt, dass dann dee Congé pour soutien familial och no der Covidkris ka gräifen.

Ech soen lech vill, villmools Merci. Här President, mir gesinn, wann et ëm Mënsche geet an ëm Hëllefen, dann ass jiddweree sech eens heibannen. An ech mengen, dass dat e ganz schéine Schluss ass am Fong geholl haut. Dofir sinn ech am Fong frou, dass dat heiten haut dee leschte Projet war, well ech fannen, et ass flott, sech op esou enger Nott haut och Awar ze soen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Madamm Familljeministesch. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschlossen.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7698. Den Text steet am Document parlementaire 7698⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7698 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Michel Wolter), Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Georges Mischo (par M. Emile Eicher), Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Georges Engel) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par Mme Djuna Bernard), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Elopain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?



(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer nach zum Vott vun de Resolutiounen an der Motioun, déi am Ufank vun der Sëtzung deposéiert gi sinn.

12. Résolution de M. Sven Clement relative à la mise à l'ordre du jour simultanée des projets de loi n° 7694 et n° 7703

(Résolution déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 158 de ce compte rendu)

Fir d'éischt déi Resolutioun, déi vun de Piraten deposéiert ginn ass, wou gefrot gëtt, de Projet de loi 7694 eréischt op den Ordre du jour ze huelen, wann de Projet 7703 och um Ordre du jour steet.

Wëllt nach een zu där Resolutioun d'Wuert ergräifen? Dat ass net de Fall.

(Interruption par M. Claude Wiseler)

Dach, den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, ech versti ganz kloer, wat d'Piraten hei wëlle maachen, well et effektiv wichteg ass, datt dee Projet, deen den Entreprises Hëllef gëtt, esou schnell wéi méiglech gestëmmt gëtt. Ech soen awer och ganz kloer: Mir kënnen mat deem anere Projet net waarden. A wann iergendeng Diskussioun wier, datt dee géif vertaagt ginn, wär dat fir eis problematesch.

Fir mech ass et just wichteg, datt mer garantéieren, datt dee Projet iwwert d'Hëllef an réckwierkend ass. Well dat eng Disposition plus favorable ass, mengen ech, wier dat och juristesche Problem. Dat ass fir eis wichteg, an aus deem Grond kënnen mer déi Resolutioun hei net matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Mars Di Bartolomeo huet nach d'Wuert gefrot.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, deem ass näischt bäizefügen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Da kënnen mer zum Vott vun där Resolutioun kommen.

Vote sur la résolution

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 6 Jo-Stëmmen, 52 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen net ugeholl.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Michel Wolter), Paul Galles (par M. Jean-Marie Halsdorf), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Georges Mischo (par M. Emile Eicher), Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Georges Engel) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par Mme Djuna Bernard), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

13. Motion de M. Marc Baum relative à la présentation de la stratégie d'acquisition, d'utilisation et de distribution des vaccins contre la Covid-19

(Motion déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 158 de ce compte rendu)

Da komme mer zur Motioun, déi vun déi Lénk deposéiert ginn ass iwwert d'Stratégie d'acquisition. Den Här Mars Di Bartolomeo.

Discussion générale

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, Här President. Ech wollt der Chamber proposéieren, déi heite Motioun mat enger klenger Ännerung unzehuelen, déi ech mat de Fraktiounschefen an och mam Auteur ofgestëmmt hunn, an zwar an der Disposition finale: « à présenter sa stratégie d'acquisition, d'utilisation et de distribution des vaccins contre le Covid-19 à la Commission de la Santé et des Sports, qui proposera la forme que pourra prendre la présentation et la discussion de cette stratégie à la Chambre des Députés ».

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ass d'Chamber mat där Proposition d'accord? Den Här Marc Baum als Auteur vun där Motioun.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk), auteur.**- (...)

(Micro défectueux)

■ **Une voix.**- De Mikro geet net.

(M. Marc Baum emprunte le micro de Mme Simone Asselborn-Bintz.)

■ **M. Marc Baum (déi Lénk), auteur.**- Merci, Här President. Merci och dem President vun der Santéskommissioun. Et ass mer wichteg gewiescht, datt mer hei d'Unanimité kréien op engem extreem wichtige Sujet. E Sujet, wou et drëms geet, eng Sortie de crise sanitaire ze entweckelen. Mir brauchen déi Unanimité, mengen ech. Duerfir brauche mer och Transparenz, mer brauchen Opklärung, mer brauche Sensibiliséierung. An dat ass de Wee, dee mer gemeinsam musse goen, fir gemeinsam als Chamber och no bausse kënnen opzetrieden.

Dat heiten ass, mengen ech, e richtegt a wichtegt Signal, wat d'Impfungen ugeet.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum.

Motion modifiée

La Chambre des Députés,

- vu l'acquisition par le Gouvernement de 420.000 doses de vaccins anti-Covid-19 en tant que bénéficiaire de la commande groupée de la Commission européenne ;

- considérant la nécessité d'élaboration d'une stratégie nationale d'utilisation de ces vaccins ;

- considérant l'enjeu d'une réglementation démocratique d'acquisition, d'achat et de distribution des vaccins anti-Covid-19 permettant un accès juste et équitable au vaccin des populations aux échelles nationales et internationales ;

- considérant que l'efficacité du vaccin anti-Covid-19 dépend d'une participation suffisamment large de la population à la campagne de vaccination ;

- considérant la nécessité en amont d'une campagne de vaccination, d'une campagne de sensibilisation de la population propre à susciter sa confiance et favoriser son consentement ;

- considérant l'enjeu du recours libre et non imposé par les personnes individuelles au vaccin en question,

invite le Gouvernement

- à présenter sa stratégie d'acquisition, d'utilisation et de distribution des vaccins contre le Covid-19 à la Commission de la Santé et des Sports, qui proposera la forme que pourra prendre la présentation et la discussion de cette stratégie à la Chambre des Députés.

(s.) Marc Baum

Vote sur la motion modifiée

Wie mat där Proposition d'accord ass, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass déi Proposition esou ugeholl.

14. Résolution de M. Léon Gloden relative à la décision de rendre les réunions des commissions publiques

(Résolution déposée au cours de cette séance publique - à consulter en page 172 de ce compte rendu)

Dann hu mer nach d'Resolutioun, déi vum Här Léon Gloden deposéiert ginn ass. Den Här Georges Engel.

Discussion générale

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo, merci, Här President. Am Oktober d'lescht Joer huet d'CSV effektiv déi heite Resolutioun schonn eng Kéier proposéiert. An dee Moment hunn déi meescht, mengen ech emol, Fraktiounen sech derfir ausgeschwat, dass se soll an de Bureau kommen, fir diskutéiert ze ginn. Do ass se och elo scho méi wéi eng Kéier

op alle Fall diskutéiert ginn an et sinn och eng Rei vun Demarchen an och Saachen doranner festgehale ginn. De Prinzip vun der Effentlechkeet vun de Kommissiounssitzungen, mengen ech, huet och keen a Fro gestallt, mee et gëtt awer eng Rei vu Momenter, wou ee vläicht seet, dass se net sollten effentlech sinn.

An där heiter Resolutioun steet dran, dass se u sech am Prinzip alleguerten effentlech wäeren an dass bei Dossiers sensibles kéint e Huis clos geschwat ginn. Mir sinn u sech der Meenung, dass vläicht en Zousaz sollt derbäikommen, dass mer am éischte Saz soen « décide dans le sens de la transparence que les réunions des commissions peuvent être publiques sous réserve de l'accord de la commission ».

(Interruptions diverses)

Mir sinn der Meenung, dass et nämlech eng ganz Rei vu sensibelen Donnéeën gëtt oder et och Momenter an der Kommissioun gëtt, wéi zum Beispill an enger Finanzkommissioun, an enger aussepolitichescher Kommissioun, wéi awer och an der Santéskommissioun, wéi mer se elo eng ganz Rei vu Kéieren haten, dass gesot ginn ass: „Et wär besser, wann dat heiten heibanne bleift.“

Wann dat awer elo effentlech Sitzunge sinn, da kann een dat net méi esou maachen, soudass mer mengen, dass et richtig wär, wann een dee Saz do géif derbäisetzen. Wann dee Saz derbäikënn, kënnen mer als Majoritéitsparteien dat heiten och esou matdroen. Wann dat awer net derbäikënn, da wäerte mer se mussen ofleenen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Gloden als Auteur vun der Resolutioun.

■ **M. Léon Gloden (CSV), auteur.**- Merci, Här President. Et ass richtig, dass mer déi Resolutioun d'lescht Joer am Oktober deposéiert hunn. Se ass un de Bureau verwise ginn. Den Här Engel huet gesot: „Et ass elo scho puermol dodriwwer diskutéiert ginn.“ Et kritt kee richtige Fortgang. Opgrond vun den Debatten haut hei an der Ausso vum Här Bausch hu mer déi elo nach eng Kéier deposéiert.

Ech stelle fest, dass mer eis eens si mam Här Engel, dass et de Prinzip soll sinn, dass déi effentlech sinn. Mee de Prinzip ass de Prinzip, an d'Exceptioun ass d'Exceptioun. Mir hunn drageschriwwen, dass bei Sujets sensibles kann de Huis clos ugefrot ginn. Dat kënnen d'Membere vun der Kommissioun decidéieren sur-le-champ. A wann do eng Majoritéit ass, ass d'Kommissioun a huis clos.

Duerfir musse mer awer net de Prinzip verbessern. Mir wäerten hei net un de Wording goen. Et ass elo hei, wéi et an engem däitsche Lidd heescht: „Hier und jetzt“. Ech erënnere un d'Ausso vum grénge Vizepremier an ech fuerdere elo hei de Vott.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Mir hunn all d'Sympathie fir d'Propositione vun der CSV an dësem Beräich, datt mer sollten d'Effentlechkeet an d'Transparenz spille loossen. Ech fanne just d'Prozedur iwwerraschend, well d'Diskussiounen sinn amgaangen doriwwer, och an der Reglementskommissioun.

(Interruption)

Dat heescht, mir hunn elo eng Situatioun, wou d'Diskussiounen am Bureau an der Reglements-kommissioun just iwwert deen dote Sujet lafen an da solle mer nach eng Kéier hei driwwer ofstëmmen. Dat ass vun der Prozedur hier fir eis eigentlech net richtig. Dofir wäerte mir eis hei enthalen.

Mee prinzipiell si mir och fir esou vill Transparenz wéi méiglech. Mir hunn also Sympathie fir dësen Text, denken awer, datt en am Abléck diskutéiert gëtt an datt mer dofir eigentlech net méi sollten driwwer hei ofstëmmen, weinstens net am Abléck.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. Dann huet d'Madamm Lorsché d'Wuert gefrot.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Jo, mir ware jo och als Fraktioun ugeschwat gi virdrun. Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer wierklech zu der Effentlechkeet stinn. Mee natierlech huet och de Georges Engel Recht, wann e see: „Et gëtt sensibel Dossieren.“

Et ass awer elo net un eis hei ze decidéieren, wat sensibel ass a wat net. Et ass d'Kommissioun selwer, déi dat am beschten aschätzt. Et ass och de President vun enger Kommissioun, dee muss wëssen: Wëll ech nach mat menge Membere e sensibelen Dossier beschwätze respektiv e sensibelen Punkt iwwer Persounen, déi net onbedéngt gefilmt wëlle ginn, déi an der Kommissioun sinn? Dat muss nach ëmmer d'Autonomie vun de Kommissiounen sinn. Dofir schloe mir och vir, dass mer deen Zousaz

drasetzen: „sous réserve de l'accord de la commission“. Soss huele mer hinnen all Rechter ewech.

Dat stellt net a Fro, datt alles, wat effentlech ka ginn, och soll effentlech ginn. Vun dohier ënnerstëtzen ech deen Zousaz och am Numm vun eiser Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. Dann huet den Här Marc Baum d'Wuert gefrot.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Ech soen der Madamm Asselborn-Bintz Merci fir d'Mise à disposition vun hirem Mikro.

Et ass e bëssen eng kokass Situatioun elo. Mir haten eng ganz belieften Debatt ronderëm e sensibelen Dossier. An de Minister fuerdert sechsmol, wann ech mech net verzielt hunn, datt d'Kommissioun misste public sinn.

Mir als Lénk menge vum Prinzip hier och, datt et e Gewënn fir d'Demokratie wier, wann d'Kommissiounssëtzunge public wieren. Ech hat och geduecht, datt mer do ronderëm eigentlech hei an der Chamber e Konsens hätten. An elo kréie mer eng Motioun presentéiert, wou ech bedauern, datt d'CSV amgaangen ass, sech e Selbstgol ze schéis-sen, well elo hu mer keng Unanimité méi op där doter Fro respektiv d'Majoritéit leent se of.

Ech fannen dat häerzlech onglécklech, well mer, mengen ech, riskéieren, deem vun eis alleguer gewünschte Prinzip vu méi Transparenz domadder net méi nozekommen. Ech sinn awer mam Inhalt vun där Resolutioun absolutt averstanen a wäert deen och matvotéieren. Ech fanne just d'Demarche häerzlech onglécklech.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Nom Här Marc Baum kënn den Här Gilles Baum.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci, Här President. Ech muss mengem Namensvetter absolutt Recht ginn. Mir sinn an enger Situatioun, déi e bëssen onglécklech ass, well mir hunn eng Resolutioun, déi mer verweisen hunn a wou d'Aarbechten en cours sinn! A well et net esou virugeet, wéi ee sech dat kéint wënschen ... Ech hu Verständnis dofir, mee ech mengen, dee Projet hei ass och en Affer vum Covid, well deen net prioritär behandelt ginn ass. An ech mengen zu Recht!

Wann Dir alleguerten Ären Agenda gekuckt hutt dës Woch oder vläicht den Dag vu muer an Dir gesitt, wivill dass dës Woch um Programm war, da muss een och iwwerleeën, dass déi ganz Administratioun hannendru genausou gefuerdert ass, wéi mir et sinn. Dat ass d'Erklärung, firwat dass dat doten net esou weidergaangen ass, wéi ee sech dat hätt kënnen wënschen.

Et ass awer net, dass näischt gemaach ginn ass. Ech mengen, virun dräi Wochen, do war eng Reunioun vum Bureau zesumme mat der Conférence des Présidents. Do ass de Membere - och de Membere vun der CSV - en Dossier mat op de Wee gi gi fir ze weisen, wéi et an deenen anere Länner fonctionéiert.

Bon, mir hunn am Oktober d'lescht Joer als Demokratesch Partei gesot, mir géifen dozou stoen. Mir stinn och elo dozou! Mir brauchen allerdéngs ganz kloer Reegelen, ech soen lech dat. Et erlieft ee jo emol an där enger oder anerer Kommissioun, dass dann den éischte Riedner 20 Froe stellt, dann ass eng Stonn eriwuer. Ech maache mer awer och Gedanken iwwert déi Beamten, déi dann do solle gefilmt ginn.

Ech mengen, fir eis als Leit aus dem effentleche Liewe schéngt dat jo normal ze sinn. Fir e Beamten ass et vläicht net onbedéngt esou, dass hie wëllt, dass hien elo um Livestream gewise gëtt. Mer mussen eis och bewosst sinn: Wa mer zwou Kommissiounen gläichzäiteg hunn, dat packe mer nach. Wa mer der dräi hunn ... Dat hu mer jo awer och, wéi gesot.

Bon, ech kommen op dat zrëck, wat de Kolleeg Georges Engel gesot huet, fir eppes bäizesetzen am éischte Punkt vun den Invitten, da géife mir dat doten och matdroen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dann huet den Här Claude Wiseler d'Wuert gefrot.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, merci, Här President. Ech wëll just eppes soen, well ech déi Debatten heibanne respektiv an deene verschid-dene Gremien, wou mer an der Chamber driwwer diskutéiert hunn, awer bal alleguer matkritt hunn. Ech mierken ëmmer, datt de Wëllen zur Transparenz hei grouss deklarativ ausgedréckt gëtt, mee ech hunn awer d'Impressioun, an dat huet stricte-ment näischt mam Covid ze dinn, datt, wa mer dann an den Detail vun den Diskussiounen kommen, hei e Problem fonnt gëtt, do e Problem gesicht gëtt, en anere Problem nach opbruecht gëtt, dann d'Perfektion vun de Kameraen. Dann: Wéi vill Anglen? Musse mer dann elo den Deputéierte weisen oder net weisen?